# Ciné-Débat:
## „LIEWENSMËTTEL WÄERTSCHÄTZEN – FOOD WASTE AM FOKUS"

**Kommt mat eis den Film „Taste the Waste" vum Valentin Thurn kucken – e preisgekréinten Dokumentarfilm, deen op eng interessant Aart a Weis weist, wéi vill Liewensmëttel all Dag op der Welt verschwend ginn. De Film geet de Grënn vun dëser Verschwendung op de Fong a weist, datt e groussen Deel vun eise Liewensmëttel schonn um Wee vum Feld bis an de Supermarché oder op eisen Teller am Offall lant. Dobäi beliicht hien net nëmmen d'Auswierkunge vun dëser Verschwendung op Klima, Ëmwelt a Ressourcë, mee weist och inspiréierend Initiativen a Léisungsusätz, déi beweisen, datt en aneren Ëmgang mat eise Liewensmëttel méiglech ass.**

**Méinden, den 13. Juli 2026 um 19:00 Auer**

**CINÉ PRABBELI (8 GRUBERBEERIG, L-9538 WILTZ)**

Nom Film hutt Dir d'Méiglechkeet, Iech mat de Responsabele vun **On.perfekt** an **Transition Nord** auszetauschen. Béid Associatioune setzen sech aktiv géint d'Liewensmëttelverschwendung an a maachen et sech zur Aufgab, nach genéissbar Liewensmëttel virun der Offalltonn ze retten an hinnen en zweet Liewen ze ginn. Si wäerten hir Missiounen an hir Aktivitéite virstellen an erklären, wéi jidderee mat einfache Gesten dozou bäidroe kann, Food Waste am Alldag ze reduzéieren. Am Kader vum Ciné-Débat diskutéiere mir zesummen iwwer d'Ursaache vun der Liewensmëttelverschwendung, hir Konsequenze fir Mënsch an Ëmwelt an d'Fro, wéi mir méi bewosst mat eise Liewensmëttel ëmgoe kënnen. D'Gespréich bitt och d'Méiglechkeet, Froen ze stellen an Iddien auszetauschen.

Uschléissend offréiert d'Gemeng Wooltz ee Patt.

**Weider Froen?**

E-Mail: gilles.thilgen@wiltz.lu - Tel.: 95 99 39 1



Wiltz Capitale des Ardennes — GUTT LIEWEN zu Wooltz — Transition Nord — on.perfekt

# Ciné-Débat:

## «VALORISER LES ALIMENTS – FOOD WASTE EN QUESTION»

**Venez découvrir avec nous le film «Taste the Waste» de Valentin Thurn – un documentaire primé qui met en lumière, de manière à la fois percutante et accessible, l'ampleur du gaspillage alimentaire dans le monde. Le film analyse les causes de ce gaspillage et montre qu'une grande partie des aliments produits est perdue tout au long de la chaîne alimentaire, du champ jusqu'au supermarché ou jusqu'à notre assiette. Il met également en évidence les conséquences de ce phénomène sur le climat, l'environnement et les ressources naturelles, tout en présentant des initiatives inspirantes et des pistes de solutions qui démontrent qu'une autre manière de consommer est possible.**

**Lundi 13 juillet 2026 à 19h00**

**CINÉ PRABBELI (8 GRUBERBEERIG, L-9538 WILTZ)**

À l'issue de la projection, vous aurez l'occasion d'échanger avec les responsables de **On.perfekt** et de **Transition Nord**. Ces deux associations s'engagent activement dans la lutte contre le gaspillage alimentaire en récupérant des denrées encore parfaitement consommables afin de leur offrir une seconde vie plutôt que de les voir jetées. Elles présenteront leurs missions et leurs activités, tout en expliquant comment chacun peut, grâce à des gestes simples du quotidien, contribuer à réduire le gaspillage alimentaire. Dans le cadre du ciné-débat, nous discuterons ensemble des causes du gaspillage alimentaire, de ses conséquences pour l'homme et l'environnement, ainsi que des moyens de consommer de manière plus responsable. Cet échange offrira également l'occasion de poser des questions et de partager des idées.

Un verre de l'amitié sera offert par la Commune de Wiltz à l'issue de la soirée.

**Pour plus d' informations:**

E-mail: gilles.thilgen@wiltz.lu - Tél.: 95 99 39 1



Wiltz Capitale des Ardennes — GUTT LIEWEN zu Wooltz — Transition Nord — on.perfekt